Lëtzebuerg, den 04. Juli 2022

Communiqué de presse

ACEL - De Studentebal 2022

Freides, de 08. Juli – beim P&R Bouillon, Lëtzebuerg
Déi 21. Oplag vum gréissten Open-Air Studentebal

D'ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) organiséiert dëst Joer déi 21. Editioun vu sengem traditionelle Studentebal. Zanter 2001 organiséiert d´ACEL dëse Bal an Zesummenaarbecht mat senge Membercerclen. Mëttlerweil gehéiert de Studentebal dann och zu deene gréissten Events am Land an ass ënner anerem dee gréissten Open-Air Studentebal zu Lëtzebuerg mat fir gewéinlech ronn 4000 Visiteuren. De ganzen Opbau vum Event gëtt gréisstendeels duerch de Comité vun der ACEL organiséiert an zesumme mat de Cerclen déi um Bal deelhuelen duerchgefouert. De Mathis Michels, Vize-President bei der ACEL an Haaptresponsabele vum „De Studentebal" fënnt, datt d'Konzept vun der immenser Variatioun u Gedrénks, dëse Bal zu eppes ganz besonneschem mëscht an et dofir derwäert ass dëst net ze verpassen!

D'lescht Joer huet de Bal Pandemie bedéngt missten an den September verluecht ginn, wouduerch den Summerlechen Flair vum Bal bëssen vernoléissegt gouf. Aus dësem Grond ass d'ACEL ëm sou méi frou iech kënne matzedeelen datt de Studentebal dëst Joer rëm a senger gewinnter Form wäert statt fannen. De Gewënn vum Event geet integral un Cerclen déi um Bal deelhuelen an hëllefen. Dës finanziell Ënnerstëtzung ka soumat fir Aktivitéite wärend dem Joer genotzt ginn an d'Keess vum Cercle ënnerstëtzen, esou datt de Studenten an deene verschidde Stied nach méi ugebuede ka ginn.

Un der dësjäreger Editioun huelen insgesamt 28 Cerclë vun der ACEL deel, dovu bidden 27 Cerclen e Cercle-spezifesche Cocktail un an ee Cercle versuergt all d'Gäscht vum Studentebal mat Iessen. Dëst Open-Air Event gëtt Schüler a Studenten d'Méiglechkeet, bei hoffentlech guddem Wieder, hier Frënn a Frëndinnen erëm ze gesinn an e schéinen Owend mat hinnen ze verbréngen éier si nees zréck an hir Studiestied mussen.

Freides, de 08 . September 2022 um 20 Auer start déi 21. Editioun vum Studentebal op der Wiss niewent dem P&R Bouillon zu Hollerech. Vun 20 bis 22 Auer gëtt et eng Happy Hour. Fir d'Stëmmung am Zelt suergen dëst Joer den DJ Dasic an den DJ Almighty A. De Präis am Virverkaf ass 10 € an Oweskeess 13 €. Detailer iwwer de Virverkaf a weider Informatioune fannt dir op Facebook, Instagram an um Internetsite www.acel.lu/studentebal.

Mathis Michels
+352 20 60 84 84 - 3
Responsable vum Studentebal 2022